N°3644
Luxembourg, le 11.02.2026
Chambre des Députés

Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 12.02.2026
Chambre des Députés

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 11/02/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bildung, Kanner a Jugend weiderzeleeden.**

A senger Äntwert op meng Fro n°3299 huet de Minister op den Neutralitéitsprinzip vun de Crèchë verwisen, déi ee staatlechem Agrement hunn. Allerdéngs gouf net explizitt op d'Fro agaangen, ob d'Aushänke vun engem Fändel, am Kader vun dëser juristescher Analyse, dann elo erlaabt ass oder net. Mir ass ee Fall bekannt, wou eng privat Crèche ee Palestina-Fändel ausgehaangen huet, woumadder ee politesche Message gemaach gëtt.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Fro stellen:

1. Dierf eng Crèche, déi ëffentlech finanzéiert gëtt oder ee staatlechen Agrement huet, ee palästinensesche Fändel ophänken?
   Falls jo: ënnert wéi enge konkrete Krittären ass dat erlaabt, a wéi gëtt an deem Fall garantéiert, datt de Neutralitéitsprinzip agehale gëtt?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Sensibilité Politique Piraten

Chambre des Députés